OPPENE BRÉIF

Eng liberal Äntwert op eng sozial Fro

Departement / Sektioun : Süden / Esch-Uelzecht
Korrespondent : Ronald Mordiconi
+352 661 310 999
rmordico@sozialliberal.lu

Eis Referenz : SLPL_OL_DP18032019
Är Referenz : /
Bäilag : /

MADAMM
CORINNE CAHEN
Presidentin DP
148-150 boulevard de la Pétrusse
L-2330 Luxembourg

Esch-Uelzecht, den 18.03.2019

BETREFF : DEMOKRATESCH PARTEI (DP) – SOZIALLIBERAL ?

Madamm Presidentin Corinne Cahen,

Als President vun der Sozialliberaler Partei begréissen ech, dass sech Demokratesch Partei „DP“ als sozialliberal well ausginn. Et ass net déi éischte Kéier, dass en dat ze liese kritt. Den Här Marc Ruppert, Generalsekretär vun der DP hat 2015 an engem Interview mam Lëtzebuerger Wort behaapt, dass DP eng sozialliberal Partei wier. Fir d' SLPL (Sozialliberal Partei Lëtzebuerg) wier et vu groussem Interêt, dass sech déi liberal Parteien (et ginn der jo net ganz vill zu Lëtzebuerg) an engem Konsens treffen an zesummen eng gutt Politik fir Lëtzebuerg an Europa maachen.

Leider muss en dann awer och soen, dass dat ganzt säitens der DP en battere Bäigeschmaach huet. Et geet net duer einfach ze soen, ze behaapten an ze promovéieren, dass een sozialliberal wier. Bis elo konnt en just dat neoliberaalt an dat wirtschaftsliberaalt erkennen. Ech ka mir och net virstellen dass Madamm Semedo Monica, déi jo eng lëtzebuergesch Sängerin a Moderatorin an eng populär Journalistin beim RTL war, de politesche Sënn a Begrëff vum Sozialliberalismus verstanen huet. Eng politesch sozialliberal Partei ass eppes anescht ewéi eng sozialliberal Koalitioun déi mir schonns hei a Lëtzebuerg haten an hunn.

Och déi Behaaptung vun der Madamm Semedo *„ … eine liberale Politik könnte doch nicht existieren, ohne auch sozial zu sein“* (Zitat aus dem Lëtzebuerger Journal) ass jo wuel einfach esou aus der Loft gegraff. An dat vun enger Persoun déi e Master a Politikwëssenschaft ofgeschloss huet. Dodru mierkt en scho wéi vill Madamm Semedo vum Liberalismus a Sozialismus verstanen huet.

Dass am Zentrum Fräiheet fir all Mënsch an eng sozial Gerechtegkeet steet, gëtt net duer fir sozialliberal ze sinn! Ech betounen och, dass sozialliberal net nëmme liberal Politik ass. DP ass fir eis Verhältnisser keng richteg liberal Partei méi, mee éischter eng neoliberal a wirtschaftsliberal Partei, déi mat der Fräiheet vun de Mënschen op der Strooss net vill ze dinn huet.

Mir wëllen dann emol vun der DP akribesch erkläert kréien wat se ënnert „Sozial.Liberal.Europäesch“ verstinn. Wou bléift de sozialen Aspekt a Konsens, deen der DP vu Grond aus feelt?

Ech soen Iech, Madamm Presidentin Corinne Cahen, villmols Merci a verbleiwe mat respektvolle Gréiss.

Am Numm vun der Partei

Ronald Mordiconi
Nationalpresident